PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/09/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

Eng lëtzebuerger Agence fir VR an AR Experienze baut de „Megaverse“, eng digital Plattform, déi d'Iddi vun engem virtuelle Lëtzebuerg a Form vun engem „Metaverse“ well ëmsetzen. Nieft verschidden aner Entreprisë fannen sech e.a. d'CFL, d'Post, awer och Luxinnovation, de CTIE, myGuichet an eSanté an dësem Projet erëm, iwwer einfach Bannièrë bis hin zu virtuelle „Guicheten“.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng staatlech Entitéiten oder Firmen, wou de Staat Parte besetzt, sinn un dësem Projet bedeelegt oder hunn eng Presenz an dëser Versioun vum Metaverse?
2. Wéi vill hunn Entitéiten oder Firmen, wou de Staat Parte besetzt, säit dem Start vum Projet, fir Presenzen an dësem, oder anere "Metaversen“ ausginn (opgeschlësselt no Joer, Projet a staatlecher Entitéit oder Firma, wou de Staat Parte besetzt)?
3. Wéi eng Mesurë sinn en Place gesat ginn, fir den Impakt vun dëse Presenzen ze moossen, z. B. d'Unzuel u Visitte pro Mount oder d'Unzuel vun den Interaktiounen an dëse virtuelle Guicheten?
4. Wéi vill Visiteuren haten déi verschidde staatlech Entitéit oder Firmen, wou de Staat Parte besetzt, an dësem Metaverse, säit dem Start vun de Projeten, opgeschlësselt no Mount?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten